

Lëtzebuerg, den 9 mars 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden:

„Eis ass aus ganz seriöser Quell gesot ginn, datt eeler Leit, déi geimpft sollte ginn, an déi am Norde wunnen, eng Invitatioun kruten, sech dann och zu Ettelbréck wollten umellen, mee dunn awer um Telefon gesot kruten, si missten op Mondorf fueren, well zu Ettelbréck keng Zäitplage méi fräi wier.

Dat féiert natierlech zu gréisseren Transportzäiten an zu eventuelle Méikäschte fir déi betraffe Leit, well den Taxi oder den Adapto am Prinzip nëmme bis op Ettelbréck gratis ass. Hei geet et och ëm Leit déi bal 90 Joer al sinn an net sou laang kënnen oder wëllen an engem Taxi ënnerwee sinn. Dovunner ofgesinn ka jo net jiddereen, och net eeler Leit, op den Adapto zeréckgräifen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Gesondheetsministesch folgend Froe stellen:

- Kann d'Madamm Gesondheetsministesch eis soen, ob et sech do ëm Eenzelfäll bzw. ëm een Iertum handelt? Gëtt awer bëssen drop opgepasst, datt Leit am héijen Alter net riskéiere sou wäit mussen ze fueren, zemol wann se aus der Nordspëtzt kommen?

- Wann d'Leit en neie Rendez-vous kréien, well se aus Altersgrënn oder/an aus Krankheetsgrënn net sou wäit fuere kënnen, riskéieren se dann net onnéideg laang mussen ze waarden?

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- Géife se awer wëlle mam Taxi an den Impfzentrum op Mondorf oder an d' Stad fueren, well se aus verständliche Grënn einfach net méi laang wëlle waarden, kréie se dann trotzdeem déi ganz Faart bezuelt oder mussen se déi aus hirer eegener Täsch bezuelen? "

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten



Carole HARTMANN
Deputéiert